


LES

SACRIFIES

Bulletin bimestriel de la Fédération des Enrôlés de Force



ctober 2004
tion spéciale
45^e année

60 Joer Asaz
fir eis gerecht Revendicatiounen

60 Joer zénter der Befreiung vu Lëtzebuerg vum Nazijoch, 60 Joer voller Asaz fir d'Realisatioun vun den Zwangsrekrutéierten hire gerechte Fuerderungen.

No der Befreiung waren nach Dausende vun Zwangsrekrutéierte Meechercher a Jongen an den Hänn vum Ennerdrécker respektiv a Gefangenschaft. Komplett ofgeschnidde vun der Heemecht gouf hiert Schicksal vun Dag zu Dag méi schwéier.

An der Heemecht koumen no an no d'Refraktären aus hire Stoppen oder heem aus Frankräich an aus der Belsch.

Zesumme mat den Elteren a Famillje vun hire Kanner a Komeroden déi nach an der Friemd waren, hu si sech Suergen ém si gemat a waren enttäuscht, dass eis Regierung, déi schon zréck aus dem Exil war, sech net besonnesch beméit huet, fir des Lëtzebuerger op schnellstem Wee heem ze huelen. Dést huet zu der Grënnung vun der Elterevereeneung an der „Ligue Ons Jongen“ gefouert. Eng éischt grouss Suerg war d'Opfanne vun den Zwangsrekrutéierten an Däitschland oder a Russland an hire Rapatriement. Awer nach aner Suergen drécken déi doheem:

- D'Behandlung vun de Kranken, Verwonnten a schwéier Mutiléierten, d'Krichsentschiedegong vun den Aarbechtslosen, hir Renten, Dokter- an Apdikteskäschten a schliisslech d'Méiglechkeet erém an den Aarbechtsprozess ze kommen.
- Och fir déi manner Krank a Verwonnte war et schwéier, eng Aarbechtsplaz ze fannen. Déi éinnerbrache Léier an d'Studien hunn erém missen opgeholl an ofgeschloss ginn. D'Aarbechtsplaze ware rar, a vill Plaze waren duerch d'Preise vu Fraen a Meechercher besat ginn.
- D'allgemengt „Krichsentschiedegesetz“ stung zur Diskusioun bei der Regierung an an der Chamber.
- Duerch d'Aféierung vum Lëtzebuerger obligatoresche Militär-

dingscht ginn d'Joergäng 25, 26 an 27 nees agezunn.

- Wie gëtt „Pupille de la Nation“ a wien huet Recht op den Titel „Mort pour la Patrie“? D'Zwangsrekrutéiert spieren, dass si ongerecht behandelt an op d'Sait gedréckt ginn. Dést bréngt si zum Ausdrock den **1. September 1945** op der éischter Journée „Ons Jongen“. 5 000 Jongen defiléieren an der Stad.

Uerchter d'Land gi Sektionen ope riicht.

Op Dränge vun der „Ligue Ons Jongen“ entsteet den „Office des Dommages de Guerre“ (service médical) an de „Service des Mutilés de Guerre“ mat engem Vertrieber vun der Ligue. An den „Office National du Travail“ kënnt och e stännege Vertrieber vun der Ligue an esou och an de „Service des Recherches“ D'Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte gëtt an d'Liewe geruff. Eng grouss Demonstratioun ass de **25. Oktober 1947** énnert dem Motto:

*Mir si keng Preisen
Gläich Rechter
fir gläich Lëtzebuerger
Morts pour la Patrie
Pupilles de la Nation
Keng Hongerrente*



*fir ons Mutiléiert
Wéini kommen ons Komeroden heem?
Wéi laang waarde mir nach ...?
Carte de priorité
Lounausfall*

Nodeem de President Arthur Steil d'Resolutioun virgelies huet, gëtt d'Demonstratioun ofgeschloss an d'Demonstrante ginn opgefuerert, a Rou an Disziplin heem ze goen. Mä déi sinn dérmoossen opbruecht, a si spieren, dass mat hin nen de Géck gemat gëtt. Zudeem hat den Direkter Abbé Dr. Jean Bernard deen Dag virdrun nach an en gem Artikel am „Wort“ des Roserei weider opgestéppelt, an et huet mis sen esou wäit kommen: Fénstere ginn aghéait, Protester virum Staats minister Dupong sengem Haus, Besuch bei Radio Lëtzebuerg. Dés Praktike ginn offiziell vum Zentralcomité bedauert an net approuvéiert. Sonndes, de **4. Abrëll 1948**, ass am „Hôtel-Restaurant Metropole-Bourse“ eng ausserordentlech Delegierte-Versammlung. Present si vill Vertrieber vun deene verschid dene Sektionen aus allen Deeler vum Land. Nach émmer sinn déi ge recht Fuerderunge vun „Ons Jongen“ net erfëllt, an den Zentralcomité beschléisst eng grouss öffentlech Opklärungs-Aktioun an deene verschid dene Sektionen. D'Fuerderunge sinn nach émmer déiselwecht: Rapatriement – Morts pour la Patrie – Pupilles de la Nation – Dommages de Guerre: Kierperschied, Lounausfall, Klassement am Beruff, Astellung vu Krichsinvaliden a Mutiléierten, Rééducation professionnelle, Cartes d'invalidité, Fräistellung vum Militärdéngscht, Réhabilitatioun.

1947 ass de „Projet de loi sur les Dommages de Guerre“ an der Chamber. D'Diskussiounen dorriwwer ginn émmer méi hëtzeg. Op deeér enger Sait versicht den Zentralcomité d'politesch Parteien an Organisatiounen fir hir gerecht Cause ze gewannen; op deeér anerer Sait versiche politesch Géigner d'Eenegkeet vun der Ligue ze zerstéieren.

1950 sinn an der Chamber d'Debatten iwwert d'Entschiedegung vun de Krichsschied voll am Gaang.



D'Positioun vun de Regierungspar teien iwver d'Zwangsrekrutéierung kann net vun den d'Zwangsrekrutéierten akzeptéiert ginn. D'Oppositioun awer steet op der Sait vun der „Ligue Ons Jongen“ De **25. Februar 1950** gëtt d'Gesetz iwver de Krichsschued gestëmmt. Den Zentralcomité fällt duerch politesch Intrigen auserneen. No an no entschlafen d'Lokalsektiouen, bis op eng etlech Ausnahmen.

Uganks **1959** héiert ee Gerüchter iwwert en Däitsch-Lëtzebuerger Reparatiounsvertrag. Éischt Informatiounen weisen, dass an deem Vertrag nees eng Kéier d'Zwangsrekrutéiert als zweet Kategorie behandelt ginn, d. h. esou wéi däitsch Zaldoten. Dat kënne si sech nun awer net gefale loassen a protestéieren laudenhaart. D'Diddelenger Sektion, nach émmer aktiv, hätt gär méi genau Informatiounen a rifft an enger Versammlung d'Vertreider vun der Elterevereeneung, déi Tambower, d'Ligue des Mutilés an nach aner aktiv Sektionen zesummen.

En Aktiounscomité gëtt an d'Liewe geruff an hir Delegéiert erklären an enger Entrevue beim Ausseminister

Eugène Schaus, dass si net kennen averstane sinn mat dësem Projet, wéi en elo ausgesäit. De „Projet de loi“ kënnt an d'Chamber, wou erém ähnlech Diskussiounen entstinn wéi beim Krichsschied-Gesetz.

Fir d'Interesse vun den Zwangsrekrutéierte gemeinsam a besser verdeedegen ze kënnen, gëtt aus dem Aktiouns comité d'„Association des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme“, och nees mat lokale Sektionen. D'Fédération des Victimes du Nazisme

Enrôlées de force gëtt d'Daachorganisatioun vun déser Associatioun, der Elterevereeneung, der Amicale vun den Tambower an der Ligue des Mutilés et Invalides de Guerre 1940–1945.

Alle Protester zum Trotz gëtt den „Traité germano-luxembourgeois“ an der Chamber gestëmmt.

Doropshi waren a kierzester Zäit erém méi wéi 50 Lokalsektioune vun den Enrôlés de force nei gegrënnt. De Fédératiounscomité gräift niewent der Oppositioun zum Traité och d'Diskriminatioun am Dommages-de-Guerre-Gesetz nees op. Als politesch neutral Associatioun entsteet eng grouss Aktivitéit, déi mat alle Konsequenze gefouert gëtt. D'Protestversammlung um Lampertsbierg, de **26. Mäerz 1961**, mat iwver 4 000 Partizipante war en eklatante Bewäis, dass d'Enrôlés de force staark an eeneg hannert hire gerechte Fuerderungen stinn.

Donneschdes, den **11. Mee 1961**, war zu Lëtzebuerg e Protestmarsch mat uschléissender Gedenkfeier um Knuedler, wou en einfach hélzent Kräiz mat der Opschrëft „Morts pour la Patrie“ opgeriicht gi war. All fédéreert Associatiounen an all Sektionen hunn eng Gerbe bei d'Kräiz gedroen, dat nach 5 Deeg laang stoe blouf. Méi wéi 10 000 Leit stongan um Knuedler.

D'Fédératioun entwickelt sech elo séier zou enger grousser a staarker Organisatioun, opgebaut op Kome rodschaft, Solidaritéit an Zesumme stoen. Ausser der Elterevereeneung, der LLMIG 40–45 an der Amicale vun den Tambower, gëtt d'Associatioun vun Dag zu Dag méi grouss.

1959 waren nach 4 Sektionen organisiert. **1960**, 33 Sektionen; **1941**, 42 an **1963**, 62 Sektionen. D'Memberzuel ass **1963**: 8 112 ageschriwwen Memberen.

D'Fédératioun verlaagt e Relevé vun allen Zwangsrekrutéierten. Mat Hélf vun de Gebuerte-Regesteren an de Gemengen entsteet de „Livre d'Or des victimes du nazisme“ a gläichzäiteg ass den Titel „Mort pour la Patrie“ de Gefalenen oder Vermësstouzespriechen.

Als Äntwert op de Breif vum **10. Januar 1962** un de Staatsminister Pierre Werner, gëtt par „décision ministérielle du 3 mai 1962“ une commission paritaire instituée avec la mission d'examiner le statut national et international des enrôlés de force, victimes du nazisme“, an d'Liewe geruff. Op Grond vun désen Aarbechten entsteet d'Gesetz vum **27. Februar 1967**. Vun dësem Gesetz, wat op Dränge vun den Zwangsrekrutéierten entstanen ass, profitéiert och d'Resistenz. D'Gesetz gëtt den Enrôlés de force némmen deelweis Satisfactioun, d'Qualitéit „victimes du nazisme“ gëtt de Joergäng **1920 bis 1927** zuerkannt. „Pupilles de la nation“ ginn och d'Weesekanner vun den Zwangsrekrutéierten. Bei de Kierperschied vun den Enrôlés de force ass keng Differenz méi mat deene vun de „victimes patriotiques“.

An deenen zwee Pensiouns-Regime ginn d'Krichsjöeren ugerechent.

Duerch groussherzogleche Beschluss vum **24. Juni 1968** gëtt d'„Médaille de la Reconnaissance Nationale“ geschafend. Heinidden drécken d'Enrôlés de force nach eng Kéier hire Merci un all déi Leit aus, déi hinnen am Krich op iergend eng Manéier gehollef hunn.

Den **29. Dezember 1970** schaftt de Conseil de Gouvernement de „service social fir d'enrôlés de force“, an den **1. Januar 1971** trëfft de Pierre Brix seng Charge als Gérant vun dësem Service un.

Op Initiativ vun der Fédératioun gëtt um Kanounenhiwwel de „Monument de la Solidarité Luxembourgeoise“ opgericht. D'Aweiung ass den **10. Oktober 1971**.

Nach émmer ass déi gesetzlech Gläichstellung vun den Enrôlés de force mat de „victimes patriotiques“ net reliéiert. Op Dränge vun der Fédératioun deklaréiert de Staatsminister Pierre Werner, hie géif elo náischt méi um „Dommages-de-Guerre-Gesetz“ ännernen. Et blouf also de Vertrieder vun den Zwangsrekrutéierte soss náischt méi iw-wreg, wéi sech bei de Wahlen den **10. Juni 1979** dem Verdikt vum Vollek ze stellen. Solidaresch hu sech 59 Komerodinnen a Komeroeden zur Verfügung gestallt, fir sech op der Lëscht N° 9 mat engem kloren a komplette Programm ze presentéieren. Trotz de pessimistische Prognosen, dës Lëscht kéisst héchstens op 0,5 % oder 1 %, war d'Resultat ronn 7 %. Zwei Kandidate ginn an d'Chamber geschéckt: Jean Gremling a Jos Weirich.

Den **23. November 1979** cédiert d'CFL d'Gare vun Hollerech un d'Fédération des Enrôlés de Force, wou an de Joeren dono de Mémorial de la Déportation aménagéiert gëtt. Déi nei Regierung gesäßt elo d'Nouwendegkeet an, den Zwangsrekrutéierten Satisfactioun ze ginn. Schon **1980** déposéiert si entspreechend Gesetzestexter. Dat goufe Gesetzer vum **12. Juni 1981** a **14. Juli**.

1981. D'Enrôlés de force ginn also mat de „victimes patriotiques“ gläich gestallt, an d'Differenze beim Lounausfall nobezuelt.

Grouss Suerge mécht elo émmer méi d'Gesondheet vun den Zwangsrekrutéierten an d'Fédératioun verlaagt eng frézáiteg Pensionéierung, oder fir d'Witfrae beim Doud vun hirem Mann.

De **6. Juni 1994** énnerschreift d'Fédératioun mat der Regierung eng Conventioun no deeér d'Zwangsrekrutéiert oder hire Conjoint prioritär a Fleege- oder Altersheimer opgeholl ginn.

Domadder ware praktesch all Fuerderungen erfëllt an den Zentralcomité huet un d'Zukunft geduecht. Jonk Generatiounen sollen d'Undenken un déi batter Zäiten an un d'Affer héich halen. Och dës Fuerderung gëtt mam Projet de loi N° 5348 erfëllt. Mat dësem Gesetz entsteet e „Comité directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé“ an e „Centre de Documentation et de la Recherche sur l'Enrôlement forcé“. Loosst mer hoffen, dass d'Chamber dëse Projet nach ratifizéiert, ouni dass den Zäitraum vu 60 Joer (1944–2004) iwverschratt gëtt.

All des Erfolger, besonnesch um politesche Plang, hätten net kënneen erreecht ginn, wann d'Zwangsrekrutéiert an hire Sektionen, an Amicalen, trotz allen Oppositiounen a Réckschléi net Fouss bei Mol gehalen hätten, hirem Slogan „Justice aux enrôlés de force“ trei bliwwen wiren, an dëst esou wuel op lokalem wéi op nationalem Plang.

Aus déser Ursach huet och de Fédératiounscomité proposéiert, an enger Extramaxx vu „Les Sacrifiés“ e photographe Réckbléck op d'Aktivitéité vun den Amicalen a Sektionen festzehalen. Merci dëse Vereenegungen, déi solidaresch, kommerodschaftlech an an der Lag waren, entspreechend Fotoen aus de vergaangene 60 Joer zur Verfügung ze stellen.

Jos Weirich
President

Les Sacrifiés




Den **8. Oktober 1970** huet d'Sektioun Uespelt énnner hirem President Henri Grethen am Gemengenhaus zu Fréiseng d'Médaille de la Reconnaissance un déi Leit iwverreecht, déi am leschte Krich Jonge verstoppt oder iwwer d'Grenz gefouert hunn an domat Widerstand géint d'-Nazi gelescht hunn.



28. Mee 1978
Gedenken un déi verstuerwe Komerode beim Monument aux Morts um Kierfecht



28. Mee 1978 Konveniat vun de Joergäng 1920–1926





10. September 1945,
anniversaire de la Libération
zu Ell mat der Aweiung
vun engem Gedenksteen
fir déi gefale Jongen
aus der Gemeng Ell,
virun der aler Schoul.

SEKTIOUN Beckerich Ell Redange/Attert

15. August 1969

Aweiung vum Monument
aux Morts fir d'Krichsaffer
am Scheecherdau



1971

Aweiung vun engem Monument
aux Morts fir déi gefale Jongen
aus der Gemeng Ell neift
der Porkierch, eng Organisatioun
vun der Sektion Biekerech-Ell-
Réiden/Attert.



24. September 1994
Inauguratioun vun der Place
des Enrôleés de Force zu Beetebuerg



19. Juli 2003

Inauguratioun vum
neie Monument aux Morts
um Footballsterrain

23. September 1995
Journée commémorative locale



14. Oktober 1998
Ausfluch op Mondorf
mat Receptioun op der Gemeng

Oktobre 2001
Visite vum Musée
de la Déportation

SEKTIOUN Bettembourg


SEKTIOUN Cliärref

Gedenkplaquette
fir déi 4 Nordgemengen



14. Oktober 2001
Aweiung vun enger Plaquette
beim Monument zu Houffelt

SEKTIOUN Boevange/ Clervaux



Kapell zu Déierbech mat enger
Plaque Commémorative



12. Oktober 2003
Journée commémorative
um Kierfecht zu Helzen



19. Februar
Generalversammlung no der Mass
zu Uewerwampech



D'Sektioun aus dem Norden leet
Blummen néier beim GI-Denkmal.
Hannendrun den amerikanischen
Vertrieder an d'Madame.



Gedenkfeier den 9. Mee 2002

60. Joresdag vun der Befreiung.
De Grand-Duc Jean begréisst ee
Member vun eiser Sektion, den
Henri Diederich vu Weicherdeng,
e Veteran aus der Normandie.





SEKTIOUN Colmar-Berg

Section de Colmar-Berg
A nos morts 1940-1945



10. September 1994 Platz „Ons Jongen“ zu Mutfert



17. Oktober 1948
Monument zu Mutfert



29. Oktober 1967
Monument zu Konter


SEKTIOUN Contern



27. März 1999
Sentier de la Résistance Contern



2004
Erinnerungsplatz zu Éiter



SEKTIOUN Dudelange

1949

Duerch d'Mathëllef
vun der „Ligue Ons Jongen“
vun Diddeleng entsteet
ee „Monument au Morts“



1993

D'Aweie vum Archiv
an dem Exportraum vun den
Diddelenger Zwangsrekrutéierten



1985

40 Joer Sektion Diddeleng,
verbonne mat enger Expo



1986

D'Aweien
vun der Zwangsrekrutéierteplaz
zu Diddeleng

SEKTIOUN Dudelange

1949

Duerch d'Mathëllef
vun der „Ligue Ons Jongen“
vun Diddeleng entsteet
ee „Monument au Morts“



Verdéngschdiplomer
u Persounen, déi d'Interessen an
d'Sympathie fir d'Sektion bewisen hinn.



1995


D'Aweie vun der Gedenktafel
an der Entrée vun
der Diddelenger Parkierch



1999

D'Aweie vun enger Gedenktafel
am Kolumbarium um ale
Kierfecht zu Éier
un d'Diddelenger Naziaffer

Den 11. September 2001,
ee schwaarzen Dag
fir d'americanescht Vollek,
war een Trauerdag fir d'„Enrôlés
de Force“ vun Diddeleng.



**SEKTIOUN
Echternach**



Fahnenweih

Receptioun no der Fahnenweih



Les Sacrifiés



**SEKTIOUN
Eischen**

Bei der Fahnenweih sinn d'Eltere
vun onse gefalene Komerode
Päiter a Giedel



11. September 1966
Presentatioun vum Fändel

11. September 1966
Fahnenweih. D'Éierejofferen
(Meedercher vun den Enrôleés)
droen de Fändel am Cortège
an d'Kierch.



Les Sacrifiés

SEKTIOUN Ettelbrück

1950

Die Zwangsrekrutierten von Ettelbrück bei einem Umzug gelegentlich einer Kriegsopfergedenkfeier



27. Mai 1992
Escher Enrôle de Force,
Rees op Hinzert.

SEKTIOUN Esch/Alzette

21. September 1994
Escher Sektion
um amerikanische Kierfecht



Oktober 1994
Déi Escher EDF um Schumanseck

31. August 2002
Esch/Uelzecht feiert 60 Joer
vun den Enrôle de Force




1968
Dr. Jean Infalt,
erster Präsident der
„Amicale des enrôle de force“. Ettelbrück bei der
Einweihung des Monumentes
auf dem Friedhof in Ettelbrück.



1975
Der Vorstand der Ettelbrücker
Zwangsrekrutierten gelegentlich
einer Schecküberreichung
zu Wohltätigkeitszwecken



1992
Camille Mergen
„ancien de Tambow“ gelegentlich
einer Gedenkfeier




Monument aux morts
à Erpeldange
Création: Edmond Lux



1984
Konveniat der
Zwangskreutierten Feulen



Grand-Duc Jean bei der
Einschreibung ins goldene Buch
der Ettelbrücker
Zwangskreutierten



Monument aux Morts à Feulen


Josée Reef, Ed Juncker
und Henri Lutgen bei
der Blumenniederlegung vor
dem Monument auf dem Friedhof
in Ettelbrück.



Plaquette un der Kräizkapell



13. Juli 1997
Journée commémorative



Blumme virun der Plaquette
vun der Gemeen, vun Ons Jongen
an deenen anere Veräiner.



11. Juli 2004
d'Enrôlés de Force um Empfang
an der Kellerei

**SEKTION
Grosbous**




Monument bei der aler Schoul
zu Groussbus



Fändel von den Enrôle de Force
Groussbus-Viichten-Préitzerdaul-Wal



D'Kräiz vum Niki Huttmacher
an der Haart



Erënnerungstafel
un ee gefalenen amerikaneschen
Zaldot zu Bëschrued
bei der „Énnescht Millen“



Monument aux Morts Viichten



Monument aux Morts Bettborn



Monument bei der Kierch
zu Wal



Monument an der
„Schankegriech“.
Dëst Monument gouf
den 12. Oktober 1994
zur Erënnerung un déi vill
gefalen Amerikaner bei
der Rundstedtoffensiv ageweit.
Genau bis dohi waren
déi Däitsch den 20. bis
22. Dezember 1944
virgedrangen.



SEKTIOUN Hesperange



D'Sektioun Hespervun den Enrôle de Force, Victimes du Nazisme. De 7. Juni 2000 war déi Hesperv Sektioun op Amnéville an de Musée vun den Tambower "Malgré-nous" President Raymond KLEIN énnerwee an huet Blummen virun hirem Monument néiergeluecht.




D'Sektioun Hespervun den Enrôle de Force, Victimes du Nazisme. Den 28. Abrëll 2001 huet déi Hesperv Sektioun de Kongress vun der Associatioun vun den Enrôle de Force, Victimes du Nazisme, organiséiert.



12. Oktober 1997
gouf den neie Fändel vun der Hesperv Sektioun an der Izeger Kierch an enger Kommemorationsmass geseent, duerno virun der Kierch enthüllt an am Cortège an de Festsall gedroen.

14. Juni 1982
D'Enrôle de Force, Sektioun Hesperv zu les Ancises an der Auvergne, fir d'Medaille de la Reconnaissance Nationale u 14 Fransousen ze iwwereechen, déi Lëtzebuerger Refractaire virugehollef hunn.



Dëst ass de genauen Text vun désem Monument



SEKTIOUN Hobscheid

Monument aux Morts
zu Habscht



Journée de Commémoration
nationale 1988.
Amicale Ons Jongen Habscht.



Journée de Commémoration
1989



SEKTIOUN Hosingen

De Cortège



16. Juli 1994
Aweiung vun der Platz
„Ons Jongen“



Blummennidderleeën vun
den Enrôle van Husen,
dem Gemengerot van Husen,
an dem Comité central.




De Steen op der Platz




SEKTIOUN Junglinster

D'Famillje Glesener mat den
nach liewende Refraktären



1969
Monument aux Morts Junglinster



Plaque um Belenerhaff,
wou d'Familljen 20 Refraktäre
Refuge ginn huet



Gedenkplaque an der Kapell
vum Birger Kierfecht

Gedenkmass fir eis véier Gefale
Komeroden: Josy Wecker –
Robert Hinger – François Wehr
an Josy Imbert am Januar 1946
an der Parkierch

SEKTIOUN Kayl

Allocution du président
d'organistaion Emile Olsem.

Allocution du président
de la Fédération Joseph Weirich.

Allocution du président des
«Malgrès-Nous» M. Bourgeois.
Bénédiction du monument par
le curé de la paroisse Kalmes,
assisté par les abbés Joseph
Dupong et Jean Bichler.

30. September 1964

Journée commémorative
des enrôlés de force à Kayl
avec inauguration du monument
aux morts avec l'appui
du conseil communal.



SEKTIOUN Kayl



Allocution du bourgmestre
de Kayl, le camarade
Jules Kaufmann.

23. September 1990

Inauguration d'une pierre
commémorative à Tétange.
Allocution de bienvenue par
notre camarade Moutschen.
Allocution du président
d'organistaion le camarade
Emile Olsem.
Dévoilement par le bourgmestre,
assisté du président de la
Fédération, le camarade Joseph
Weirich et du président,
de la section Kayl-Tétange le
camarade François Schon.
Bénédiction par le curé Zimmer.
Allocution du bourgmestre Pleim.

Inauguration d'une pierre
commémorative à Kayl.
Allocution de bienvenue par
notre camarade Moutschen.
Allocution du président
de la Fédération le camarade
Joseph Weirich.

Dévoilement par le bourgmestre,
assisté du président de la
Fédération, le camarade Joseph
Weirich et du président de la
section Kayl-Tétange le
camarade François Schon.
Bénédiction par le curé Zimmer.
Allocution du bourgmestre Pleim.

3. Juli 1978

Exposition de photos et affiches
prêtées par les archives de l'Etat,
dans les écoles de Tétange
et Kayl.

Les 2 pierres: don de la firme
Aloyse Poeckes s.a.
Les plaques avec inscription
furent commandées par la
commune à la fonderie Massard.

